# OP DE PUNKT.

Dezember 2025

CSV KIELEN




ENGLISH VERSION
VERSION FRANÇAISE
DEUTSCHE FASSUNG

## WÉI STEET ET ËM D'CHANTIEREN AN EISER GEMENG?

Verschidde Chantieren an der Gemeng dauere méi laang oder hunn nach net ugefaangen. Dat ass keen Zoufall, mee huet seng Grënn.

D'Gemeng setzt hir Prioritéite bewosst: et geet ëm d'Verbesserung vun der Liewensqualitéit, ëm Nohaltegkeet, den Erhalt vum Patrimoine an d'Ënnerstëtzung vun de Veräiner, ëmmer am Kader vun de finanzielle Méiglechkeeten.

E puer Beispiller illustréieren dat:

- Verkéiersberouegung: An e puer Uertschafte sinn d'Mesurë schonn ëmgesat oder an der Ëmsetzung. E grousse Chantier ass d'Aféierung vun enger 30er-Zon zu Kielen, déi bis Enn vum Joer soll fäerdeg sinn.
- Contournement Kielen: De Projet gouf beim Ministère agereecht, an Entrevuen dozou sinn nach fir dëst Joer geplangt.
- Revitaliséierung vun den Duerfzentren: D'Gemeng huet gezielt al Bausubstanzen opkaaft, wéi z. B. den „Haff Elcheroth" (haut Annexe vun der Gemeng) an de „Café Lippert", wou d'Aarbechten ugefaang hunn. Zu Nouspelt gehéieren de „Schockweilerhaff" an dem „Peickes" säin Haus och der Gemeng – dës Projete sinn awer méi laangfristeg ugeluecht.



- Educatioun: D'nei Schoul zu Elmen geet Ufank 2026 op. Direkt dono gëtt d'al Schoul zu Kielen renovéiert. D'Schoulschwemm ass fir Mëtt 2027 virgesinn.
- Allgemeng Erausfuerderungen: D'Dauer vun de Projeten hänkt oft mat personellen a finanzielle Ressourcen zesummen. D'Gemeng setzt op laangfristeg Planung an op kleng, awer konstant Fortschrëtter.

Ech froen ëm äert Versteesdemech a Gedold a versécheren, dass zesumme mat de Bierger un enger nach méi liewenswäerter Gemeng geschafft gëtt.

***FELIX EISCHEN***
Buergermeeschter

## ÄDDI NO 14 JOER AM GEMENGEROT AN DOVUNER 4 JOER AM SCHÄFFEROT

Meng éischt Gemengewalen mat der CSV waren am Oktober 2011 an hei war ech ganz houfreg direkt duerfen am Gemengerot matzeschaffen.

2017 sinn ech dunn drëtt Gewielte ginn an CSV huet no ville Joren nees de Buergermeeschter gestallt.

Um Walsonndeg 2023 war CSV mat 6 Sëtz kloere Gewënner a sinn sech séier an der Koalitioun mat der LSAP(4 Sëtz) eens ginn den zweeten Schäffeposten ze deelen sou dass ech no 4 Joer op desem Posten am Juli 2025 erëm Plaz gemach hunn.



Gläichzäiteg hunn ech mech awer och décidéiert net méi an de Gemengerot zréck ze ginn an hoffen hei op äert Versteesdemech.

Mat mengem Récktrëtt ass och verbonnen dass d'Gemeng Kielen an de Syndikater vum Sidor a Sidero wou ech och am Büro war (Sidero) nei Vertrieder gebraucht ginn.

Zum Schluss e grousse Merci un de Schäffen a Gemengerot, un dat ganzt Gemengepersonal an dem Regiebetrieb fir hiert fréndschaftlecht a respektvollt zesummeschaffen. E ganz grousse Merci un iech all, un d'Wieler an Wielerinnen déi mer des 14 Joer erméiglecht hunn. Et huet mer ganz vill Freed gemach an et war mer eng ganz grouss Èier fir d'Gemeng Kielen däerfen ze schaffen.

An da ganz zum Schluss de gréisste Merci u meng Fra, déi mer all déi Joren de Réck gestäipt huet, fir d'Gedold a Versteesdemech wann et alt erëm méi spéit ginn ass.

Bleift all Gesond!

***ROMAIN KOCKELMANN***

## KEVIN URBING, NEIE MEMBER AM GEMENGEROT: MENG GESCHICHT A MENG MOTIVATIOUN

Ech si 40 Joer al a gebierteg aus der Gemeng Kielen, a sinn zënter Juli 2025 neie Gemengeconseiller fir d'CSV. Ech si Papp vun engem 12 järege Meedchen a war vu Klengem un an der Gemeng aktiv, dat als Fussballspiller beim FC Kielen, Pompjee zu Nouspelt, an an ënnerschiddleche Veräinsaktivitéiten wéi Theater, Buergbrennen an Emaischen.

Berufflech sinn ech ausgebilte Miwelschräiner a leeden zesummen mat mengem Bruder mäin eegene Betrib, wou ech meng Passioun fir d'Handwierk ausliewe kann. Trotz reduzéierter Zäit fir Veräinsliewen bleift mäin lokalt Engagement staark.

Motivéiert duerch meng Erfarungen a meng Verbindung zur Gemeng, hunn ech 2023 fir d'CSV kandidéiert an elo d'Chance kritt, an de Gemengerot eranzekommen. Ech si mir bewosst, dass ech nach vill léiere muss, mee si bereet, mech mat vollem Engagement anzebréngen. Meng Prioritéit läit op nohaltegem a gesondem Wuesstem an der Entwécklung vu moderner Infrastruktur fir d'Awunner vun der Gemeng.



# NEI MEMBEREN AM CSV DELEGÉIERTEROT

Den Delegéierterot vun der CSV Kielen trëfft sech reegelméisseg virun all Gemengerotssëtzung, fir gemeinsam iwwer aktuell Themen a Sujeten ze diskutéieren, déi d'Gemeng betreffen.

All Member vun der CSV Kielen kann hei aktiv matmaachen. Falls du nach net Member bass, mee gären emol am Delegéierterot dobäi wéils sinn, da mell dech w.e.g. un gbreden@pt.lu.

Mir hunn eise neie Memberen, déi sech rezent gemellt hunn fir am CSV Delegéierterot matzeschaffen, zwou Froen gestallt:

1. **Du bass dat lescht Joer Member am CSV Delegéierterot vu Kielen ginn. Wat war deng Motivatioun?**
2. **Wéi eng Themen interesséieren dech perséinlech?**

ECH WËLL MEMBER GINN
JE VEUX DEVENIR MEMBRE



SANDY SCHWARZ

1. Ech si Member am CSV-Delegéierterot ginn, fir nei Erausfuerderungen unzehuelen an aktiv un eisem Gemengeliewen deelzehuelen. Als nei Awunnerin vu Kielen a Mamm vu sechs Kanner läit mir d'Zukunft vun de Kanner a Jugendlechen besonnesch um Häerz. D'Bildung ass e Schlësselthema, dat mech motivéiert, mech politesch ze engagéieren, fir d'Liewensqualitéit an d'Bildung an eiser Gemeng weider ze stäerken.
2. D'Educatioun an d'Inklusioun si fir mech wichteg Theme genau esou ewéi Thema Kultur. Dëst muss fir all Alterskategorie interessant gestallt gi fir dat och déi nächst Generatioun sech nach aktiv dru weider interesséiere kann.



MICHEL ENGELS

1. Meng Motivatioun fir an den CSV Delegéierterot ze kommen ass dat ech aktiv an eiser Gemeng well matschwätzen an eis Gemeng gemeinsam mat enger staarker Equipe well mat gestalten. Ech hu mech nach ëmmer fir d'Politik interesséiert well mäi verstuerwene Papp laangjäregen aktive Member bei der CSV war. Esou war fir mech kloer dat CSV déi Partei ass déi ech stäerke well.
2. Ech interesséiere mech immens fir Mobilitéit an der Gemeng Kielen an och Thema Jugend ass fir mech wichteg, well dëst eis Zukunft ass.



MIKE HALL

1. Meng Motivatioun fir an CSV Delegéierterot ze komme war dass ech mech vill fir ons Politik hei an der Gemeng esou wéi am Land interesséieren.
2. Et gi 2 Themen déi mech am Meeschten uspriechen an dat ass Landwirtschaft an och Bildung, well ech halt selwer vum Bauer kommen an ech och nach Student sinn, doduerch hunn ech eng aner Vue op Saache wéi Leit déi net vum Bauer oder net méi an der Schoul sinn.



ANNE LUDOVICY

1. Ech sinn Member am Delegéierterot ginn, well ech et wichteg fannen dass sech och jonk Leit fir Politik asetzen an interesséieren. Ech well dozou bäidroe fir nei, frësch Iddi'en an Engagement an eis Gemeng ze bréngen.
2. Als Member vun der Jugendkommissioun sinn ech un de jonke Leit an eiser Gemeng interesséiert, a well hinnen eng Stëmm ginn, si sinn eis Zukunft an eis Gemengepolitik soll vun a mat eiser Jugend zesumme gestallt ginn.



**PAUL REDING**

1. Als neien Awunner vun Dondel, Gemeng Kielen, ass et mir wichteg mech an d'Gemengepolitik anzebréngen an domat dozou bäizedroen, datt eis Gemeng sengen Awunner weiderhin eng héich Liewensqualitéit offréiere kann an och fir dat d'CSV eng staark a konstruktiv Stëmm an eiser Gemeng bleift. Meng Motivatioun berout op der Méiglechkeet d'Zukunft vu Kielen aktiv matzegestalten.
2. Als Member vun der Kulturkommissioun leie mir kulturell Projeten natierlech besonnesch um Häerz, virun allem déi wou mir d'Familljen aus der Gemeng mat integréieren. Gläichzäiteg gesinn ech d'Verkéierssituatioun an de Logement als Prioritéit, wou mir laangfristeg an nohalteg Léisunge weiderhi proposéiere sollen, fir eng besser Liewensqualitéit an eiser Gemeng ze garantéieren.



**YOAN DELPORTE**

1. Zanter d'lescht Joer sinn ech Member am Delegéierterot vun der CSV zu Kielen. Ech hu mech dofir entscheet, well ech fest hannert de Grondsätz an der Ausriichtung vun eiser Partei stinn. Meng Motivatioun ass et mech aktiv anzesetzen an dozou bäizedroen, datt Lëtzebuerg sech weider an de Beräicher Technologie, Fuerschung a Politik entwéckelt.
2. Als Dokter Ingénieur leie mir besonnesch um Häerz d'Themen Energie, Entwécklung an Ausbildung, Chancëgläichheet an eng nohalteg Mobilitéit op nationalem Niveau. Ech si fest dovun iwwerzeegt, datt mir nëmme gemeinsam Léisunge fannen, déi net nëmme fir Haut droen, mee och fir déi nächst Generatiounen eng sécher a stabil Basis leeën.



**ANDRÉ WIRTH**

1. Ech hu mech entscheet Member am CSV Delegéierterot vu Kielen ze ginn, well ech mech méi aktiv an d'Zukunft vun eiser Gemeng an och vun eiser Partei wëll abréngen. Fir mech ass et wichteg, net just ze kritiséieren, mee selwer matzeschaffen fir Léisunge ze fannen. Ech gesinn an dësem Engagement och eng Méiglechkeet, fir vu bannen eraus besser ze verstoen, wéi Politik funktionéiert, a wéi een zesummen eppes beweege kann.
2. Ech mengen, et ass wichteg, datt mir als Partei net just op nationalem Niveau, mee och lokal op d'Froe reagéieren, déi d'Leit direkt betreffen. Mech interesséiert besonnesch d'Wunnengspolitik, Ëmwelt a Mobilitéit, Jugend a Bildung. Ech sinn awer och prett, nei Themen ze entdecken an ze diskutéieren – Politik ass fir mech en Austausch, kee Fäerdegprodukt.



**SANDY MEIS**

1. Ech sinn zanter d'leschtem Joer Member am Delegéierterot vun der CSV zu Kielen, well ech iwwerzeegt si vun de Grondsätz an der Ausriichtung vun eiser Partei. Ech wëll mech aktiv abréngen, fir d'Entwécklung vu menger Gemeng positiv mat ze beaflossen.
2. Besonnesch um Häerz leie mir Themen ewéi Bildung, Chancëgläichheet an eng nohalteg Mobilitéit op lokalem Niveau. Ech sinn der Meenung, dass mir zesumme Léisunge musse fannen, déi net nëmme fir haut funktionéieren, mee och fir déi nächst Generatiounen eng stabil Basis bilden.

***Neijoreschpatt***

*Schéi Feierdeeg*

***11.01 à 11 heures***
***Maison pour Tous***
***à Elmen***